GEMENG JONGLËNSTER

Jonglënster, den 18. Juni 2024

# 6. Reunioun – Rapport

**18. Juni 2024 – Centre Culturel „Am Duerf“**
**Commission des sports et loisirs et de la jeunesse**

## 1) Präsenz

| NOM | PRENOM | PRÉSENT.E | EXCUSÉ.E | N.EXCUSÉ |
|---|---|---|---|---|
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |

## 2) Begréissung & Aleedung mat der Presentatioun vum Ordre du Jour

- Begréissung duerch [redacted] un d’Membere vun der Kommissioun an un de [redacted] vum Jugendhaus

## 3) Approbatioun vun de leschte Rapporten

- De leschte Rapporte vun der 5.Sëtzung ass approuvéiert ginn.

## 4) Feedback Nuit du Sport

- Feedback
    - De Feedback Formular deen d’Kommissioun ausgeschafft huet, gëtt no Récksprooch vun der Gemeng erausgeschéckt un d’Veräiner déi matgemaach hunn. Dat alles an der Woch vum 24.Juni eraus. Dëst

bedéngt duerch d'Konschthandwierkerdeeg an de Virowend vun Nationalfeierdag.
    - [redacted] hat op der NdS selwer d'Iddi opbruecht fir och de Feedback vun de Leit, also eise Visiteuren ze kréien. Hei huet [redacted] vun der Gemeng eis zougesot, dass si iwwer hir Socials ee QR Code kënne posten. Dëse kënne mir och an de MAG setzen, de nächste Stëchdatum dofir ass de 5. August. [redacted] schéckt [redacted] nach déi genau Charte graphique wéi zum Beispill dass den Artikel d'Gréisst vun 210 mm x 269 mm an 2 mm bord perdu muss hunn.

- Entrée
    - Mir haten de Probleem dass Bännercher net am Viraus ofgezielt waren an d'Strechlëscht schwiereg emzesetze war. [redacted] proposéiert Bännercher mat fortlafender Nummer fir d'nächst Joer, esou hu mir déi genau Unzuel vu Leit déi do sinn a kee geet vergiess. Dëst bedeit och manner Stress fir déi di an der Entrée schaffen.
    - An Entréesberäich hat mir keen Dësch fir d'Leit. Hei kéinten d'Leit ganz einfach hier Telefonsnummer op d'Bännercher vun de Kanner schreiwen an och hir Stempelkaart fir Tombola ausfëllen.
    - Vill Leit si beim Heemgoe bei der „Entréesbud" stoe bliwwen a wollten do hire Pfand zeréck kréien. Mir proposéieren eng zweet Bud mat Keess, esou gëtt och d'Keess am FoodVillage entlaascht. Eventuell kann een dann déi an der Buvette „Op Fréinen" ofschafen.
    - D'Clôture musse mir d'nächst Joer esou stellen, dass dës praktesch eng Zort Couloir duerstellen, dass een automatesch duerch déi offiziell Entrée laanscht Bude muss goen. Vill Leit sinn einfach laanscht gaangen. Esou sinn zum Beispill vill Kanner wärend dem Owend erof zeréck an d'Entrée komm fir eng Stempelkaart sichen ze kommen, dëst ass da leider zäitlech net opgaangen, well um 21 Auer gezu gouf.

- KEESS
    - De Jetonsystem ass net iwwerall bei de Membere vun de Veräiner ukomm. Esou huet een oft kee Jeton an oft ze vill Jetone kritt
    - Et wier gutt och 10€ Bonge virzegesinn an och eng Stréchlëscht ze féieren fir ze gesinn wéivill Consommatiounsbongen eraus ginn. Esou hu mir eng duebel Kontrolle wéi vill Recette generéiert gi sinn.
    - Fir d'nächst Joer Piste virgesinn, wéi d'Suen zu deene verschiddene Momenter transferéiert ginn.

- Allgemeng
    - D'nächst Joer wëlle mir eng richteg Social Media Campagne lancéiere fir nach méi Reklamm kënnen ze maachen
    - Mir brauche mindestens 100 Bicker a Scotch fir wärend der NdS
    - Vill Leit si scho viru 16 Auer komm fir um Event deelzehuelen.
    - Eng Checklëscht maache fir d'Organisatioun ze vereinfachen.
    - Dee neie Site ass gutt bei de Veräiner a bei de Leit ukomm
    - D'Sprangschlassarea krut gutt Kriticken. Eventuell kann een de Gladiator ersetzen.

- [redacted] hat sech gemellt fir de Spullwon ze maachen. Hei gouf et ee Probleem an der Kommunikatioun vun den Auerzäiten. Si hu schlussendlech vu 17 – 23 Auer gespullt.
- D'Kommissioun trefft sech d'nächst Joer scho Moies. Esou ka méi opgedeelt ginn wee Mëttes wat mat de Veräiner coordonéiert an ëmsetzt. Esou hu mir manner Leerlauf. Zudeem sollen d'Veräiner eis am Viraus soen, ween déi leit sinn déi hëllefen ofriichten respektiv opriichten.
- Mir wäerten eng Schicht „Runner" aféieren. Dës fir aus der Keess déi knaschteg Saachen an de Spullwon ze bréngen an déi propper op déi respektiv Stänn ze verdeelen.
- An der éischter Infoversammlung musse mir soen, dass ee Veräin mindestens (Stand Juni 2024) 4h muss eng Aktivitéit maache fir um Subsideschlëssel deelzehuelen. Hei musse mir Deadlines nach méi kloer maachen, vill Veräiner haten an der Woch selwer nach no Ännerunge gefrot.
- Am General krute mir ganz gudde Feedback.

## 5) <u>**Projeten – Updates**</u>

### a. Lënster Maart – Seefekëschten

- Eis Gemeng huet 4 Kitte bestallt, déi zwou aner Gemenge bréngen hier och mat déi mir dann dierfe benotzen.
- Mir wäerten eis mat Déifferdeng zesumme setze fir ze kucke wéi genau esou eng Seefekëscht gebaut gëtt.
- [redacted] wëll dëst wéi ofgemaach am Adventure@Lënster bauen.
- Eng Seefekëscht ass fir d'Schoul, eng ass fir d'Jugendkommissioun, d'Jugendhaus këmmert sech ëm hier eegen.
- Dat ganzt wäert wéi geplangt, Samschdes Mëttes deen Dag am Kader vum Lënster Maart stattfannen.
- [redacted] freet no fir Botten eventuell bei Baueren aus der Gemeng ze kréien.
- Eventuell „Puffer" fir Heras (Policegitter) misst d'Hemeng bei Pont&Chaussée ufroe falls dat mat de Botten net sollt funktionéieren.

- Mir leeë vill Wäert op de Sécherheetsaspekt. [redacted] këmmert sech em de Formulaire fir d'Seefekëschte selwer an dee fir d'Leit déi fueren. Dëse loosse mir awer vun der Gemeng validéieren. Zudeem wäerte mir nofroen, dass d'Sécherheetsbeoptraagten vun der Gemeng eise Site an Installatioune virum Event wäert ofhuelen. Et muss nogefrot ginn op LuxKontroll muss komme fir dëse Site ofzehuelen. Esou muss d'Gemeng och d'Rue de la Mairie ofspären an dëst am Verkéiersreglement stëmmen. Fir dat ganzt brauche mir ee komplett Sécherheetskonzept, mir froen no ob déi aner Gemengen esou eent hunn.

- [redacted] këmmert sech em de Flyer dee mir erausbrénge fir déi Jonk ze informéieren, dëse kënnt natierlech och op d'Socials. [redacted] freet nom Nationalfeierdag bei der

Comm Equipe vun der Gemeng no. Um Flyer sollen een iwwert ee QR Code ee Foarms ausfëlle fir eng Préinscriptioun kënne auszefëllen. Esou kënne mir déi genau Infoe all de Leit zoukomme loossen.

- De Plang:




### b. Sportleréierung

- De 24.Oktober wäert dës stattfannen. Hei maache mir déi nei Variant. Den éischten Deel wäerte mir déi kléng huelen an am zweeten Deel déi grouss mat Musek a Walking Dinner.
- Mir huelen een Invité, [redacted] huet do de Kontakt.

## 6) <u>Veräiner</u>

- D'Ëmfro fir de Bols bei de Sportsveräiner ze fillen, dee leeft. [redacted] huet eng Demande op der Gemeng gemaach fir all d'Emailsadressen ze kréien. Dës gëtt elo aus Dateschutzgrënn intern bei hinne gepréift.
- An engems froe mir si no hire grousse fixen Datumer wéi ee Mullenowend, Tournoi, etc.

## 7) <u>Oppen Diskussioun</u>

- [redacted] mëscht am Whatsapp Grupp ee Sondage fir déi lescht Versammlung als Joresofschloss ze organiséieren.
- D'Gemeng huet eis den Accord gi fir dass mir eng Emailsadresse kréien. [redacted] setzt sech do mam [redacted] zesumme fir dëst ëmzesetzen. Dës soll sinn; sport-jugend@junglinster.lu Et handelt sech heibäi ëm eng Verdeelermail, vun där selwer ee keng Mail aus ka fortschécken.

## 8) Nächst Datumer

| Datum | Auerzäit | Plaz | Beschreiwung |
|---|---|---|---|
| 11.07.2024 | 19:00 | Centre Culturel | 7.Reunion + Ofschlossversammlung |
| 24.10.2024 | 17:00 | Centre Gaston Stein | Sportleréirung |

## 9) Ënnerschrëften

| | | |
|---|---|---|
| [redacted] | [redacted] | [redacted] |
| [redacted] | [redacted] | [redacted] |
| [redacted] | [redacted] | [redacted] |
| [redacted] | [redacted] | |